

„Fiche technique“ fir Albatrossen

D'Albatrossen si keng Branche an hunn dofir och keng Method. Et handelt sech bei dësem Pabeier deemno och nëmmen em eng Zort roude Fuedem, deen all Hickecht je no besoin ëmsetze kann.

Ziler (no Reglement N°18 vun den LGS)

Ziler sinn:

- D'Engagement als Guide / Scout zesumme mat Frënn weiderféieren;
- Konkrete Guidissem / Scoutissem liewen;
- Konkret Aktiounen ënnerhuelen, déi anere Menschen, der Ëmwelt, dem Verband, dem Grupp, ... notzen.

Ziler an Aktivitéite mussen am Aklank mat de Statuten, Prinzipien a Grondsätz vun den LGS stoen.

Méiglech Aktivitéite vun den Albatrossen

Déi eenzel Hickechten am Land funktionéieren deelweis immens ënnerschiddlech an dofir soll déi folgend Lëscht och **nëmmen** als **lwwerbléck** déngen, wat fir Aktivitéite prinzipiell bei den Albatrossen méiglech sinn.

All Hickecht muss da selwer bestëmmen wat fir Punkte sie méi oder manner ëm setzt.

Et handelt sech heibäi **NET** em **verpflichtend** Aktivitéite fir all Albatrossen am Land!

Lokal:

- Organisatioun vu Projeten an Aktivitéite fir d'Membere vun der Hickecht (ähnlech wéi bei der Methode vun der Route).
- Organisatioun vu Sortien, Weekender oder Campe fir d'Membere vun der Hickecht.
- Ënnerstëtzung als „équipe technique“ vu lokalen Aktivitéite vum Grupp (z.B.: Infra, Ravi, Comptoir, ...).
- Organisatioun an Ënnerstëtzung bei Programmaktivitéiten (Rally, Nuetspill, Veillée, ...) duerch déi laang Scoutserfahrung vun de Membere vun der Hickecht.
- Ënnerstëtzung vun deenen anere Branchen aus dem Grupp. An den Albatrossen sinn oft fréier Chef, déi mat hirer Erfahrung eng aktuell Chefekipp beroden oder punktuell eng Versammlung/ Aktivitéit preparéieren kennen.
- Ënnerstëtzung vu Gruppen- bzw. Branchenaktivitéiten als Expert opgrond vun enger berufflecher Ausbildung oder Erfahrungen duerch aner Hobbyen.
- Begleedung an Ënnerstëtzung vu jonke Chef am Grupp.
- ...

National:

- Staffmember op engem nationale Camp (z.B.: nationale Branchencamp, GoUrban, ...).
- Encadrement vu Workshopen oder Formatiounen (z.B.: Kanudag, ...).
- Opgrond vu laangjäreger Erfahrung op engem Gebidd Expert op enger Aktivitéit vum Verband.
- ...

International:

- IST (International Service Team) op engem internationale Camp (z.B.: Jamboree, ...).
- Staffmember op enger Odyssee vun der Route.
- Volontär am Ausland (Erasmus +, ...) oder an engem vun deene 6 Weltzentere.
- ...

D'Albatrossen am Grupp

Bei den Albatrossen handelt et sech em Leit, déi méi al wéi 23 Joer sinn an awer nach bei den LGS aktiv mat maache wëllen. Si sinn Member vum Grupp an ënnerscheeden sech dofir och vun enger Amicale, Gilde o.ä..

En Albatross kann och gläichzäiteg nach Chef an enger Branche sinn, d.h. d'Albatrosse sinn **keng Konkurrenz** zu enger Cheftâche am Grupp.

